

	66^e séance	Présidence
	Mercredi 17 juillet 2002	M. Jean Spautz , Président M. Jean Asselborn , Vice-Président

Ordre du jour

1. Dépôt d'une proposition de loi
2. Ordre du jour
3. Projet de loi 4735 relatif à la protection des personnes à l'égard du traitement des données à caractère personnel (*Rapport de la Commission des Média et des Communications – Discussion générale – Lecture du texte du projet de loi – Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel – Motion*)
4. Projet de loi 4921 sur la protection juridique des services à accès conditionnel et des services d'accès conditionnel (*Rapport de la Commission des Média et des Communications – Discussion générale – Lecture du texte du projet de loi – Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*)
5. Propositions de modification du Règlement de la Chambre des Députés – n° 4994 (*Lecture des propositions de modification du Règlement de la Chambre – Vote*)
6. Projet de loi 4948 modifiant et complétant
 - a) la loi modifiée du 22 juin 1963 portant fixation de la valeur numérique des traitements des fonctionnaires de l'Etat ainsi que des modalités de mise en vigueur de la loi du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'Etat,
 - b) la loi du 21 décembre 2001 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2002 (*Rapport de la Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative – Discussion générale – Lecture du texte du projet de loi – Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*)
7. Discours de Monsieur le Président

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Fernand Boden, Mme Anne Brasseur, M. François Biltgen, Ministres; MM. Joseph Schaack et Eugène Berger, Secrétaires d'Etat.

(Début de la séance publique à 14.32 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber iergendwellech Mat-deelungen ze maachen?

(Négation)

Den Här Mars Di Bartolomeo huet d'Wuert gefrot, fir den Dépôt vun enger Proposition de loi ze maachen. Den Här Di Bartolomeo huet d'Wuert.

1. Dépôt d'une proposition de loi

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Merci, Här President. Ech wollt de Mëtteg eng Proposition de loi deponéieren, déi d'Gesetz vum 14. Juli 1986 iwwert d'Créatioun vun enger Schoulufankszoulag soll änneren. D'Proposition de loi soll dat Recht fir eng Schoulufankszoulag ausdehnen op d'Spillschoulskanner.

– *Proposition de loi 4996 modifiant la loi modifiée du 14 juillet 1986 concernant la création d'une allocation de rentrée scolaire*

M. le Président.- D'Chamber hält Akt vun enger Proposition de loi vum Här Di Bartolomeo. Si gëtt weidergeleet un déi zoustänneg Instanzen, dat heescht un d'Kommissioun an un de Statsrot.

2. Ordre du jour

Ech wollt ufanks eiser Sitzung nach op eisen Ordre du jour vun haut de Mëtteg ze spriechen kommen.

Wéi Der wësst hat de Büro decidéiert, strukturell Ännerungen um Niveau vun der Organisatioun vum Greffe virzehuelen. Aus deem Grond si mer opgefuerdert, virum Ufank vun där neier Sessioun, also am Oktober, iwwert eng Ännerung vum Chamberreglement ofzestëmmen.

Ech wollt lech virschloen, dass mer virum Projet de loi iwwert d'Statsbeamtegehälter dëse Punkt behandeln, evaküieren an driwwer ofstëmmen. Sidd Der domat d'accord?

(Assentiment)

Et ass esou decidéiert.

Da komme mer elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4735 iwwert den Dateschutz. Et hu sech schonn ageschriwwen: déi Häre Glesener a Bodry, d'Mme Beissel, déi Häre Greisen, Garcia an Urbany. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Patrick Santer.